ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI
Groupe parlementaire

Här Fernand Etgen

President vun der Deputéiertechamber

19, um Krautmaart

L-1728 Lëtzebuerg

Mamer, de 6. Januar 2021

Här President,

sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Staatsminister an un den Här Bausseminister weiderzeleeden.

Dem Statec no gouf et zu Lëtzebuerg op den 1. Januar 2020 329.600 Lëtzebuerger.

Am Ausland wunne vill Lëtzebuerger an d'Tendenz geet hei och weider an d'Luucht, dat duerch eng héich Emigratioun an awer och duerch d'Méiglechkeet, erëm agebiergert ze ginn, wann een en Virfaren hat, deen am Joer 1900 Lëtzebuerger war.

Laut de leschten Zuele vun Dezember 2020, déi op data.public.lu ze fanne sinn, liewen am Ganze 95.905 Lëtzebuerger Bierger am Ausland. An zu Lëtzebuerg liewe ronn 335.000 Lëtzebuerger Bierger. Et ginn also am Ganze ronn 431.000 Lëtzebuerger. Dovun also ronn 78 Prozent, déi zu Lëtzebuerg wunnen a ronn 22 Prozent, déi am Ausland wunnen.

Erlaabt mir an deem Zesummenhank eng Rei Froen zu den Auslandslëtzebuerger ze stellen, also deene Lëtzebuerger Bierger, déi net zu Lëtzebuerg wunnen:

1. Laut data.public.lu liewen an Däitschland op den 31.12.2020 17.460 Lëtzebuerger an op den 31.12.2019 waren et 16.040 Lëtzebuerger. Laut dem däitsche BAMF - Bundesamt für Migration und Flüchtlingen - hunn op den 31.12.2019 awer 21.304 Lëtzebuerger an Däitschland gelieft. Wéi kann d'Regierung erklären, firwat déi Zuelen esou staark vuneneen ofwäichen? Wéi eng Zuel ass dann "méi" richteg?
2. Ginn et Ënnerscheeder an der Altersstruktur tëscht de bal 100.000 Auslandslëtzebuerger an de Lëtzebuerger, déi zu Lëtzebuerg wunnen?
3. Wéi vill Auslandslëtzebuerger sinn am Joer 2019 gebuer ginn a wéi vill gestuerwen? Wéi gëtt de Lëtzebuerger Staat iwwert esou eng Gebuert oder e Stierffall informéiert? Kann et sinn, datt de Lëtzebuerger Staat net doriwwer informéiert gëtt, z.B. besonnesch dann, wann et sech ëm Leit mat duebeler Nationalitéit handelt, an een deemno falsch Zuelen huet?
4. Wéi vill vun den Auslandslëtzebuerger sinn net zu Lëtzebuerg gebuer?
5. Wéi vill vun den Auslandslëtzebuerger hunn hir Nationalitéit duerch Erëm-Abiergeren (Gesetz vum Lëtzebuerger Virfaren am Joer 1900) kritt? Wéi vill Auslandslëtzebuerger hunn hir Nationalitéit indirekt iwwert dee Wee kritt, z.B. als Kanner vun Elteren, déi d'Nationalitéit iwwert dee Wee kruten?
6. Iwwert wéi eng Quelle gëtt de Lëtzebuerger Staat gewuer, wéi vill Lëtzebuerger am Ausland liewen?

7. Huet de Lëtzebuerger Staat d'Adresse vun deene bal 100.000 Auslandslëtzebuerger?
8. Muss e Lëtzebuerger, deen am Ausland wunnt, sech op der zoustänneger Ambassade umellen? Wéi vill Auslandslëtzebuerger maachen dat?
9. Wéi vill vun den Auslandslëtzebuerger sinn am Besëtz vun engem gültege Lëtzebuerger Pass oder enger gülteger Identitéitskaart?
10. Eng Rei Lëtzebuerger besëtzen eng zweet Wunneng oder en zweet Haus am Ausland a liewen dann en Deel vum Joer hei am Land an een Deel dann op hirem Wunnuert am Ausland. Wou mussen si sech an deem Fall offiziell umellen? Wéi vill Lëtzebuerger, déi zu Lëtzebuerg ugemellt sinn, besëtzen eng zweet Wunneng oder en zweet Haus am Ausland?
11. Et gëtt eng Donkelziffer vu Lëtzebuerger, déi zu Lëtzebuerg ugemellt sinn, awer eigentlech am Ausland wunnen, an dann do missten ugemellt sinn. Wéi héich schätzt d'Regierung d'Zuel vun deene Leit? Gesäit d'Regierung doranner ee Problem an, wa jo, wéi een?

Mat déiwem Respekt,

Fred Keup
Deputéierten